JAERLING Aly
Gemengeroot
1 Otherstrooss
Postkëscht 269
L- 4003 Esch/Uelzecht

Esch/Uelzecht, den 27.08.2010

Un de
SCHÄFFEROT VUN DER
GEMENG ESCH/UELZECHT
POSTKËSCHT 145
L-4002 ESCH/UELZECHT

Betrëfft: Dagesuerdnung vun der nächster Sëtzung vum Gemengerot

Madame Buergermeeschter, Madame Dir Häre Schäffen,

Mech op eist internt Gemengereglement steipend, bieden ech Iech folgende Punkt als Interpellatioun an Dagesuerdnung vun der nächster Gemengerotsëtzung ze integréieren:

Diskussioun iwwer eng méigleg Acquisitioun vum Lëtzebuerg Pavillon vu Shanghai an d'Noutwendegkeet an déi ökonomesch Konsequenzen vun esou enger Aktioun

Well d'Äntwerten vum 25.08.2010 op meng Froen vum 27.07.2010 iwwer den virzitéierte Sujet fir mech net zefriddestellend woaren, a well eben nach eng ganz Rei Kontradiktiounen bestinn an nach eng Rei Froen opbleiwen, well ech den Gemengerot, déi éischt Instanz an der Gemeng, mat der Sach befaassen an eng Motioun dozou deponéieren.

Mat frëndleche Gréiss

Aly Jaerling

Jaerling Aly
1 Otherstrooss
L- 4018 Esch/Uelzecht

Motioun

De Gemengerot,

an Onkenntnis dervu gelooss, datt de Schäfferot eng méiglech Acquisitioun vum Lëtzebuerger Pavillon vun der Ausstellung zu Shanghai envisagéiert;

nët offiziell informéiert iwwer en Schreiwes, waat de Schäfferot an dem Kontext un den Här Premierminister geriicht huet;

nët offiziell informéiert driwwer, datt nët nëmmen Ökonomist vun der Gemeng op Shanghai gereest ass, mä och d'Madame Buergermeeschtesch;

nët offiziell informéiert driwwer, datt d'Madame Buergermeeschtesch nach eemol den 10. Oktober 2010 op Shanghai reest fir d'"Journée Luxembourgeoise";

sech d'Fro stellt, wat esou Déplacementer op Käschten vum Steierzueler fir eng Valeur fir Esch hun, an op déi Dépensen an Krisenzäiten net vermidde misste ginn;

erstaunt iwwer déi spärlech Äntwerten den 25.08.20010 op d'Froen vun zwee Conseilljeeën vum 27.07.2010 am Kontext mam Pavillon;

well de Gemengerot als éischt Instanz an der Gemeng misst am Virfeld iwwer all Démarchen vum Schäfferoot informéiert ginn;

fuerdert de Schäfferot op,

- en détailléierte Rapport virzeleeën iwwer all Démarchen vum Schäfferoot am Kontext mat der Acquisitioun vum Lëtzebuerger Pavillon;

- en détailléierte Rapport virzeleeën iwwer d'Missioun vum op Shanghai délégéierten Ökonomist an de genauen Käschtepunkt vun dem Ganzen;

- en détailléierten Rapport virzeleeën iwwer de Käschtepunkt vun der Madame Buergermeeschtesch hir zwou Reesen op Shanghai virzeleeën, an opgrond vu waat déi berechtegt sinn;

- Explikatiounen ze ginn iwwer d'Chancen fir den Pavillon iwwerhapt kënnen op Esch ze kréien;

- kloer budgetaire Disponibilitéiten zu der geplangter Acquisitioun virzeleeën, well Chifferen vun 5-6 Milliounen am Gespréich sinn, an op se opgrond vun der katastrophale finanzieller Situatioun vun der Escher Gemeng iwwerhapt ze veräntwerte sinn, wann op der anerer Säit den Bierger am Kontext mam Käschtendeckungsprinizip 6 Milliounen Euro Taxenerhéihungen opgezwongen gouwen;

- d'Noutwendegkeet vun esou enger Acquisitioun an Krisenzäiten ze beweisen;

- Erklärunge ze ginn, waat dann eigentlech fir Aktivitéiten an dem Pavillon sollten stattfanne wa mer en giwwe kréien, an wou den Pavillon dann sollt hikommen;

- Dem Gemengeroot, der éischter Instanz an der Gemeng den Bréif un den Här Staatsminister iwwer d'Acquisitioun vum Pavillon zouzestellen.

Aly Jaerling